DE FREIE LETZEBURGER

# ONS HEMECHT

LPL

OFFICIELLT ORGAN VUN DER LPL

Verantwortleche Redacter: Déngens Dömmy. Drock a Verlag: 57, Pietresboulevard, Lötzeburg.
Ennert dem Protectorat vum Gauleiter an dem Häuptling vum Mouvement
Direct Verbindong o'ni Drot mat London, New York, Moscau, Tschungking.

N° 33 — So' secher we' ons Bierger wénken / Könnt d' Freihêtssonn èn Dag ons blénken — 6te März 1943

C.W.O.II BG 192 C.G.M.

--- Lötzeburger, donkt èr Flicht ! ---

Et wärd wûel onnötz sin nach emol drop hinzeweisen, dat d'Missio'n vum "Freie Lötzeburger" net nömmen dora bestêt de Preisen d'Käpp ze wäschen (o'ni Sêf) an hirer Krichsmaschin Klöppelen an d'Rîeder ze geheien, ma och all déne verfollegten a verstoppte Patrioten ze hellefen, hinne Lîewensmöttel a Klêder ze verschafen.

Lötzeburger, halt îech d'Situatio'n vun dénen Ongléckeche virun Aen. Wat hu sie net alles matgemacht : Deportatio'n, Prisong, Konzentrationslager a.s.w. ? Fir wat si sie gepéngecht, mishandelt gin ? Well sie Patriote woren an de Mutt haten ons hêlegst Gidder mat der gre'sster Energie ze verdêdegen. De' eng sin am Preissland ugedréckt an, trotz alle Geforen de' domat verbonne sin, hu sech können bis iwer d'Grenz schlêfen, op der Sich no enger barmhîerzeger Hand, no engem secheren Ennerdach. Aner, de' um Ponkt woren an d'preisesch Arme' oder an den Arbeitsdienst gestach ze gin, hu virgezun alles am Stéch ze lossen an unzedrécken. Net genug, dat all de' verfollegt Perso'nen sech hei am Land oder an der Frîemd verstoppe mussen a mêschtendêls kê Kontakt me' hun mat hirer Familjen, sie mussen och genîert a geklêd gin. Et ass lîcht ze begreifen, dat dât önner déne miserabele Verhältnesse vun haut eng Arbecht ass de', ofgesi vu Gefor, vill Me' kascht a vill Sûerge mat sech bréngt.

Ass et net Flicht vu gidfer Lötzeburger beizedron all dénen Onglécklechen, de' net nömme fir sech an hir Familjen, ma fir ons all gestriden hun, hirt Lo's ze lönneren ? Setzt îech an hire Fall, denkt un èrt Hêmechtsland an dir wärd îech son :

Dât wat ech hun, dât wöll ech mat dir dêlen !

Mir sin iwerzêgt dat dir an èrer Garderobe Sache fannt de' dir net me' gebrauche könnt oder de' dir entbîere könnt. Denkt un ons ongléckleech Patrioten a schéckt ons :

Costumen, Hîemer, Pull-ower, Schong, Schlappen, Hitt, Kapen, Enneschtklêder, Strömp, Cravatten, Nûesdicher (nei oder gedroen), Bicher, Zigaretten, Tubak a.s.w.

Op Wonsch losse mir d'Sachen och bei îech eweghûelen.

Och Geld ass se'er wöllkomm.

Mir wössen, dat onsen Appell net ömmesoss ass a soen îech, am Nûem vun onse Protege'erten, am Viraus villmols merci.

Wöllt dir Lötzeburger sin a..bleiwen ?
Dann handelt als Lötzeburger .

---

Wann 't dir am Lîewe schlecht ergêt, da kuck rondem dech all dât Lêd
a secher wärds du dir geston : Mei Lêd ass dach me' lîcht ze dron .
(Demy Schlechter)

---

Wat wössen ons force'ert "Freiwölleg" vum Krich ze verzîelen ?

Mat schwe'erem Hîerzen a voller Preisenhas machen haut e pûer dausend lötzeburger Jongen Déngscht an der verfluchter preisescher Arme' . Lîcht hun d'Preisen et net mat hinnen, sie mache Sabotage wo' sie nömme können. Wo' et hêscht hire provisoresche Mêschteren eng ze stîchten, do si sie derbei. Ons Jonge woren net gewinnt sech op d'Fe'ss trîeden ze lossen, de Mond an d'Täsch ze stîechen we' hir preisesch "Bridder", sie hu

geschwûer der lötzeburger Traditio'n trei ze bleiwen, sech als "Klatzkäpp" erdûrch ze schlon, so' gutt we' et gêt.

So' wösse mir z.B. dat gewösse Lötzeburger zu H...... hir Instruktio'n hu kritt fir Déngscht op den U-Booten ze machen. Sie stongen èn Dag am Kasärenhaff önner honnerte Preisen. De Capitaine kommande'ert : "Die Luxemburger "Freiwilligen" vortreten !" Kên hûet bouge'ert. De Capitaine kommande'ert nach emol : "Die Luxemburger "Freiwilligen" vortreten !" Ons Jonge blo'wen op der Plâtz we' ugenêlt. Du rifft de Capitaine de Feldwebel a sot : "Na, wo sind denn die Luxemburger "Freiwilligen" ?" Dorophin kommande'ert de Feldwebel : "Die Luxemburger vortreten !" D'Jonge machen e pûer Schréck no vir. De Capitaine kônnt me' no a frét èn nom aneren, fir wat sie him net gefollegt hätten, an èn nom aneren äntwert him : "Ich bin wohl Luxemburger, aber nicht "Freiwilliger". De Capitaine stong do mat enger langer Nûes, en hat verstanen. Beweist dè Fall net, we' stark den Oppositio'nsgêscht bei onse Jongen ass ? Beweist hîen net, dat sie Recht vun Onrecht nach wössen z'önnerschêden ?

Ons force'ert "Freiwölleg" sin haut net nömmen an Deitschland, ma och an Norwegen, Russland, Jugoslawien, an eso' gûer an Afrika ze fannen. Wivill sin der bis elo fir Führer, Volk und Vaterland gefall ? Wivill sin der bis elo blesse'ert ? Sîele woren de', de' d'Gléck haten e klengen Urlaub an der Hêmecht verbréngen ze können. Et verstêt sech dat sie, èmol an der Hêmechtsloft, keng Loscht me' hun zréck op d'Front ze gon, dat sie alles versichen hir sténkeg a verlaust Kamösuniform an de Grûef ze geheien a sech dûrch d'Bascht ze machen. Mir kennen e Fall vun engem lötzeburger "Urlauber", dèn dem Hitler "adieu" gesot hûet. Dè Glécklechen , dèn haut a Secherhêt ass, hûet sech net bîede geloss ons seng Erlîewnesser matzedêlen fir sie am "Freie Lötzeburger" ze publize'eren. Mir bréngen îech hei sein op franse'sch geschriwenen Text, o'ni e Wûert drun ze änneren :

1.2.1940. - Entré comme volontaire luxembourgeois.

Occupation du Luxembourg par les Boches. - Consigné (env.50 prisonniers près de Schalke (Westphalie). Un gardien fait partir les déserteurs allemands d'avant le 10 mai.

Depuis le mois de septembre exercice allemand avec police (Schupo).

Le 15 septembre 1940 Himmler nous dit que nous devons passer une "Ausbildung" en Allemagne, pour revenir comme policier à Luxembourg.

Commandant Herrlitz.

Adjudant Patz (Luxembourgeois) nous (40) dit que si nous essayons de fuir la compagnie, les biens des parents seront confisqués.

J'étais en permission comme beaucoup d'autres, quand la compagnie rentrait "geschlossen" dans la VdB.

Le 4 décembre 1940 il faut nous apprêter pour aller en Allemagne (Weimar).

Noël. Nous revenons en uniforme de policier allemand.

5 janvier 1941. Nous retournons à l'exercice. Beaucoup sont renvoyés malades par les exercices dans la neige.

Nous recevons tous les jours de la théorie sur le nazisme.

Commandant Scheinhütte nous demande un jour ce que nous pensons de la guerre. Tout le monde répond que l'Angleterre vaincra. Puis un de nos collègues objecte que la Russie entrera encore en guerre contre l'Allemagne.

Fin février le commandant nous fait savoir, qu'il lui faut des hommes pour la SS, qu'ils seront bien traités etc. Il demande des volontaires. Il y a 5 volontaires qui se présentent : Baustert (Asselborn), Weber (Dudelange), Faber (Luxembourg), Theisen (Neudorf) et Weckering (Dudelange). Dans notre compagnie les plus jeunes sont convoqués encore une fois et on nous dit que c'est la dernière convocation. Mais personne ne réagit. Alors les Boches décident de prendre les plus jeunes, 8 de ma compagnie et le reste des 2 autres, en tout 27 hommes.

Le 1er mars nous sommes embarqués à H....... en uniforme luxembourgeois. SS L......... - Kaserne bei O........., 20 minutes du centre de la ville. On nous dit que nous serons instruits et que nous retournerons à Luxembourg pour organiser une caserne SS .

Les bombardements anglais nous font beaucoup de plaisir et nous chantons :

> Schön ist die Nacht, die Flak ist erwacht,
> es kommen schon wieder englische Flieger
> zu uns, zu uns ins Reich.

2-3 fois par nuit nous mettons notre masque à gaz et nous nous réfugions dans les abris.

En avril on nous fait partir à K......... (3 jours). Jusqu'ici nous appartenions au régiment SS Germania, maintenant au SS.R.Westland.

Pendant qu'on nous présentait à notre nouveau régiment il y a alerte, des avions yougoslaves passent. Nous sommes incorporés dans un "Granatwerfertrupp". A part les 5 volontaires nous sommes tous d'accord et nous nous tenons les coudes. La propagande nazie ne réagit pas sur nous.

Un jour on nous donnait des circulaires nous demandant : Warum sind

Sie in der SS ? Naturellement nous exposons tous notre cas . Nos supérieurs ne veulent pas nous croire.

Pendant le serment, nous n'avons pas levé le bras. Un sous-officier nous demande pourquoi nous ne le faisons pas. Nous répondons que ce nous est impossible, que nous avons déjà prêté serment à Luxembourg.

Peu après on nous demande qui voudrait s'engager à la "Feldtruppe" du régiment, qui était stationnée en France. Comme nous y voyions une belle occasion pour échapper, nous sommes partis à 18 vers Ulm-Ebingen. On nous disait que la truupe était maintenant ici. Le lendemain le commandant nous communique qu'il y avait "Feldpostsperre", qu'on ne pouvait plus écrire chez nous.

Le mardi de Pentecote nous partons, nous ne savons pas où, mais nous supposons la France. On nous débarque à W...... près de B...... où nous restons une semaine. Nouvelle direction Pologne pour passer en Irak (à ce moment les Anglais étaient en Irak). Notre commandant nous disait que les Russes laissaient passer les Allemands par l'Ukraine.

Arrivés à L...... c'était la guerre avec la Russie. Nous, Luxembourgeois, nous sommes indécis, mais quoi faire ? Nos supérieurs nous expliquent les chars russes et autres. Après une semaine, départ pour le front (vers le 30 juin).

L...... déjà pris le 1/7. Le commandant de notre régiment est tombé sous les balles des partisans. Pour se venger les Boches mettent le feu à un petit village et fusillent tous les habitants. La Wehrmacht, qui campait près de nous, avait fait 300 prisonniers russes. Les soldats SS en ont enlevés 35 les accusant être juifs. Après avoir fait un grand trou, ils les fusillaient à bout portant à titre de vengeance.

A T...... j'ai vu que la Feldgendarmerie a excité les Ukrainiens contre les juifs, on les conduisait à travers les rues et on leur donnait des coups de bâton, il y avait des vieillards et des enfants qui saignaient de plaies affreuses. Ensuite on les conduisit sur une montagne, où les Boches les fusillaient avec une mitrailleuse.

Une voiture tirée par un cheval, chargée de 3 blessés russes, passait dans la rue. Un soldat, se précipitant, tuait les 3 blessés et renversa la charrette.

(Fortsetzong an onser nêxter Nummer)

---

De russesche Wand ble'st we' rosen,
e wärd dem Hitler d'Lûcht ausblosen.

C. W. ... C. M.

---

--- Ausstellong "Nazi-Paradies" ---

We' ons Lîeser wössen, haten d'Preisen vrun 2 Me'nt hei zu Lötzeburg eng Ausstellòng "Sowjet-Paradies" opgemacht. Vill Tam Tam ass mat dèr Ausstellong gemacht gin, d'ganzt Land wor verpescht mat Affichen , ons Press hûet dêglech ganz Seiten driwer geschriwen, vun allen Ecken aus dem Land hun d'Zich Leid an d'Stad brûecht, et hätt è gemengt d'Preise wöllten der Oktav Konkurrenz man, sie an de Schîed setzen.

Wat do net alles zesûeme brûecht ass gin fir onst Vollék ze impressione'eren, oder besser gesot fir den Has ge'nt d'Russen, ons Allie'ert, op de Maximum ze dreiwen. De gre'ssten Dêl vum Vollék hûet d'Ausstellong besicht, well ons "Mêschteren" et wollten hun. Ons Baueren, de' nês eng Geleenhêt haten an d'Stad ze kommen, hu sech de ganze Krepéng ugekuckt, we' wann se en Tour iwer d'Schûebermess oder iwer d'E'meis'chen ge'we machen. Me' we' èn hûet sech gefrot : Soll dât och wirklech eng russesch Kano'n sin ? Sollen de' Photoen och wirklech a Russland opgeholl si gin ? Sollen de' "Mîerder" net Preise sin, de' sech als russesch Zaldote verklêd hun ? a.s.w. De Bauer ass ganz mistrauesch, an net mat Onrecht. Wir am ganze Lötzeburger Land è Mönsch ze fannen, dèn eso' kéng wir ze behapten dat alles, wat dem Vollék vrun d'Ae brûecht ass gin, och der Wo'erecht entsprécht ? Nên, net èn ènzegen ge'f seng Fangeren dûerfir an d'Feier strecken. D'ganz Sach wor de' rengste "Bauernfängerei". Enges si mir op alle Fall secher : D'Preisen hun nês vill Geld verdéngt, ower de Lötzeburger ass net vu senger Idee eweg ze kre'en dat net de Russ, ma de Preiss onse Feind ass.

Am Zesûemenhank heimat dêle mir îech mat, dat "De Freie Lötzeburger" decide'ert ass nom Krich eng Ausstellong "Nazi-Paradies" ze organise'eren. Fir des Ausstellong eso' intressant we' miglech ze machen bîede mir îech ze sammelen a bis zum Dag vun onser Erle'song aus der "Nazi-Tyrannei" a Secherhêt ze bréngen :

Preisesch Uniformen-Gewîerer-Kabesmesser-Mitrailleusen-Granaten-Patro'nen-Fîendel-Ofzêchen-illegal Zeidongen-Tracten-Affichen-Verûerdnongen - Schölter-Bre'wen-Beweisstécker-Photoen, an engem Wûert alles wat ons un de' "golden Zeit" vun der preisescher Occupatio'n 1940-19.. erönnert.

Mir sin iwerzêgt dat de' Ausstellong, de' nömmen authentesch Sachen opweisen dûerf, net eleng onst ganzt Vollék, ma och ons lothréngesch a

a belsch Noperen se'er intresse'ert, a well sie zum Profit vun engem gudde Wierk organise'ert göt, ass et Flicht vu gidfer Lötzeburger Sachen ze sammelen a bis zum richtegen Zeitpunkt op d'Seit ze léen.

Soll dèn èn oder dèn anere vun onse Compatrioten virze'en gewössen "Undenken" elo schons ofzeliweren, da kann en se ro'eg an ons Redactio'n bréngen oder ons Uerder gin se bei him ewegzchûelen.

Lötzeburger, sammelt fir d'Ausstellong "Nazi-Paradies".

---

Helleft dem "Freie Lötzeburger" an dir helleft fech selwer

---

---

ooo-- o-o -- AH --o NSDAP -oo- oo- USA o--- ooo

---

Dem Oberste Feldherrn Adolf Hitler ass des lescht en Telegramm zo'gangen mat de Buchstawen AH NSDAP USA. En hûet sech de Kapp zerbrach wat de' Buchstawen solle bedeiten, hûet vu lénks no rechts, vu rechts no lénks gelîes, konnt ower beim beschte Wöllen neischt verston. E rifft sein e'schte Sekretär zo' sech, rêcht him den Telegramm a sot : Wat bedeiten de' Buchstawen hei ? De Sekretär, ganz verléen, äntwert : Mei Führer, dât ass dach net schwe'er z'entzifferen. All Kand wês jo wat de' Buchstawe bedeiten. AH wöllt son : Adolf Hitler. NSDAP bedeit : Nationalsozialistische deutsche Arbeiterpartei. An USA : dât sin d'Verènegt Staaten vun Amerika. - Dât alles wês ech, sot den Hitler, ower önner déne Buchstawen ass bestömmt eppes anescht ze verston, an ech muss wössen wat. - De Sekretär zéckt an zéckt, göt ro'd bis hanner d'O'eren a pöspert mat gebrachener Stömm : Adolf Hitler nimm schnell deine alten Pinsel und suche Arbeit.

---

--- Silbere'dsel ---

E vun onse Protege'erten hûet ons en intressant Silbere'dsel ageschéckt, dât mir hei publize'eren.

Gare de Quislingen

Aus den 29 Silben : a - a - ab -bein - bes - bral - brus - dar - der - el - el - fen - ga - gi - kü - ky - leib - list - na - na - nal - o - so - stan - ste - tar - te - ti - zi.
sin 8 Wîerder ze bilden, vun dénen d'Ufanks- an d'Ennbuchstawen, vun ûewen no önnen gelîes eppes nennen, dât de Quislingen nom Krich ble't an dât all gudde Lötzeburger hinne verspréécht.

De' ènzel Wîerder bedeiten :
1. Stad a Lybien - 2. Bîerg am Kaukasus, dèn d'Preise geholl haten - 3. Stad an Tunesien - 4. Stad op der indisch-burmesischer Grenz, wo' sech Ûerg geklappt ass gin - 5. Garde vum Hitler - 6. Englesch Festong - 7. Land un der Westküst vun Afrika - 8. Wat de Preiss aus dem Lötzeburger net fierdeg bréngt.

Le'song an onser nèxter Nummer

---

Lötzeburger, de' klor gesin ,
gruppe'ere sech mat Disziplin.

---

A N N O N C E N

En als Lötzeburger naturalise'erte Preiss, 47 Jor al, dè sech an desem Krich stêreich gemacht hûet, ass berêt enger e'erlecher lötzeburger Familjen, de' him op Lîewensdauer ûerdentlech Pensio'n ka garante'eren an him d'Lîewe ka secheren, 3/4 vu sengem Verme'gen ze vermachen.
Schreiwen un d'Red. vum "Freie Lötzeburger" önner "Presse'erte Preiss".
E gro'sse Stock "Feldpostpäckchen" zu 50 % vum Wîert ofzegin.
Schr. un d'Red. vum "Freie Lötzeburger" önner "Liebesgaben-Grosshandel".

---

--- Bre'fköscht ---
(Vu Geld ass agangen)

En Offize'er vun der zo'könfteger Lötzeburger Zivilverwaltong an Deitschland : 1500 Fr. xxxxx G.L. : 500 Fr. xxxxx L.P.L., macht bei se : 300 Fr. Eng Jöfferchen de' kê Preiss wöllt bestûeden : 100 Fr. xxxxx E Brawe vun dohêm : 100 Fr. xxxxx E.H. : 200 Fr. xxxxx D.: 100 Fr. xxxxx Mei Jong kre'en d'Preisen net : 50 Fr. xxxxx Une Lyonnaise : 50 Fr. xxxxx N° 532 : 50 Fr. xxxxx Dat mei Brudder de' verhast Uniform net brauch un ze dun : 50 Fr. xxxxx Prönz Hary vergösst fech net : 50 Fr. xxxxx Onsen Härchen : 40 Fr.

Fir ons Garderobe

| | |
|---|---|
| 1 Costume | 3 fonkelnei Pull-ower |
| 3 Hîemer | 3 Calzongen |
| 2 Hîemer ( Lacoste ) | 9 Pûer Strömp |
| 4 Föschgar ( écharpes ) | 2 Pûer Schong |
| 2 Tricot | |

Villmols merci !